ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 21/07/2025

Rapport vun der Kommissioun Vivre ensemble interculturel vum 07.07.2025

Presenzen

Present	Net present
Véronique Peiffer	Marie Sadler (entschëllegt)
Rosie Brandenburger	Toni Pinto (entschëllegt)
Lydie Ruppert	Stefanie Block (entschëllegt)
Magali De Rocco	Ann Leurart (entschëllegt)
Sylvia Origer	
Ann Leurart	
Sandrine Kinnen	
Stefanie Block	
Max Leches	

Ordre du Jour

1. Organisation COPIL Gemengepakt
2. ROI
3. Soirée de Bienvenue 2025
4. Chrëschtmaart 2025
5. Table Ronde an der Gemeng Helperknapp
6. Mail Laetitia Strotz
7. Divers

Helperknapp, 21/07/2025

1. Organisation COPIL Gemengepakt

Dësen soll an den ***éischten 3 Méint no der Ënnerschréft*** definéiert ginn, conforme zum CoPils Gesetz (Article 6(5) de la Loi)

- **Besetzung:**

  1 Vertrieder vun der Gemeng

  2 Vertrieder vun der Kommissioun Vivre ensemble interculturel

  2 fräi Vertrieder (aus lokalen Associatiounen)

  1 Coordinateur (am Fall wou d'Gemeng iwwert een verfüügt)

➢ D'Kommissioun freet deemno en Rendez-vous mam Schäfferot un, fir sech am Virfeld vun der Ënnerschréft vum Pakt auszetauschen

- D'Kommissioun kéint sech virstellen sech op follgend Krittären ze stäipen, wat d'Auswiel vun de Vertrieder vun deenen aneren Associatiounen betrëfft:
- Ënnerstëtzung, net nëmmen vun dem jeeweilegen Member mee och vun der Associatioun
- Oppenheet
- Verantwortungsbereetschaft
- Diversitéit

  D'Presidentin huet hire Wonsch ausgedréckt, ee vun deenen zwee Posten am CoPil ze iwwerhuelen.

  Des Weideren soll den Interessi vun de Membere vun der Kommissioun fir ee Posten duerch eng Lettre de motivation ënnerstrach ginn.

2. ROI

Dësen Punkt steet um Ordre du jour vun der nächster Reunioun.

Helperknapp, 21/07/2025

3. Soirée de Bienvenue 2025

Am Zesummenhang mat der Soirée de Bienvenue 2025 wären eng Rei Virbereedunge ze proposéieren.

Ass schon en Datum fir d'Veranstaltung festgeluecht ?

D'ASTI kéint fir d'Iwwersetzung kontaktéiert ginn.

Fir den Participanten den Kontakt ze vereinfachen, giff d'Kommissioun Schëlter mat den Nimm a Fändelen vun de geschwaatene Sprooche vun de Kommissiounsmemberen drécken ze loossen.

E QR-Code kéint op den Internetsite vun der Gemeng féieren, wou Iwwersetzungen zougänglech sinn vun der Power Point, dës Presentatioun kéint och an der gewënschter Sprooch ausgedréckt a verdeelt ginn.

Déi schéin Fotoe vun den Uertschaften sinn ëmmer nees ernimmt ginn, do sollt een dann och dobäi schreiwen, wou genau sech des Platzen an der Gemeng befannen.

Um Flyer kann een schon proposéieren, dass d'Leit uginn, wéi eng Sprooch si schwätzen, fir eng besser Iwwersetzung ze garantéieren.

D'PowerPoint-Präsentatioun soll däitlech méi kuerz ginn, a d'Clibb sollten sech am Viraus umellen wann si sech wëllen virstellen fir een besseren Oflaaf ze garantéieren.

Bei der Entrée kéint een den Léit direct een Glas offréieren.

Et soll och gekuckt ginn, wivill Leit un der Soirée deelhuelen fir ze kucken op een et alternativ, fir méi Léit ze groupéieren just all 2 Joër organiséiert.

4. Chrëschtmaart 2025

Dës Diskussiounen verréckelen mir och an éis Réunioun vum September (a Présenz vum Jean Sadler).

5. Ronnen Dësch an der Gemeng Helperknapp

D'Kommissioun, proposéiert der Gemeng, matt hinnen zesummen eemol den „Ronnen Dësch" béi eis an d'Gemeng ze invitéieren, vue dass si ëmmer nees op der Sich si fir kennen an de Gemengen empfaangen ze gi.

6. Mail Laetitia Strotz

Betreffend d'Visiokonferenzen iwwert Tools wéi Teams a co, ass d'Kommissioun op fir des och esou kennen ze organiséieren an hunn och schonns deelweis dovunner profitéiert.

Helperknapp, 21/07/2025

7. Divers

- ❖ De Site vun de Gemeng muss méi iwwersichtlech gestalt ginn, sou dass een all d'Clibb, ASBL'en an Associatioune méi einfach fënnt.

- ❖ Flyer fir den Interessi fir Fënster-Kalenner am Dezember 2026, misst een am Januar ufänken ze plangen.

- ❖ Subsides octroyés par le Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil D'Reunioun war den 09/07/2025 um 17h um MFSVA :
  D'Véronique an d'Lydie hunn do Deel geholl, dëst ass net bestëmmt fir déi consultativ Kommissiounen, mee kéint awer interessant si fir ASBLen an aner Associatiounen. Do bleift awer ze berücksichtegen dass do d'Conditiounen déi den "Vivre ensemble" fuerderen, mussen agehale gi fir vun engem eventuelle Subside vu bis zu 10.000€ kënnen ze profitéieren. Mir hunn do d'Power Point och geschéckt kritt a kennen déi bei Bedarf, matt eventuellen Interessente gären deelen.

➢ Nächst Reunioun ass da viraussichtlech de 25/09/2025à 19:30h à voir matt der Präsenz vum Jean Sadler